N° 7406
Entrée le 21.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.12.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 21. Dezember 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Och wann d'Pandemie lues a lues zréckgeet, ass d'Impfung weider ganz wichteg. Et ginn awer eng Rei Onkloerheeten, wat d'Zousazimpfungen ubelaangt. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen.

- Recommandéiert d'Santé eng 5. Impfung, wann déi betreffend Persoun zwar 4 Mol geimpft ass, awer bis elo nach kee Vaccin krut, deen un d'Omikron-Variant ugepasst ass?
  - Wa jo, wat fir Persoune sollen sech eng 5. Kéier impfe loossen?
- Recommandéiert d'Santé eng 4. Impfung, wann déi betreffend Persoun zwar 3 Mol geimpft ass, awer bis elo nach kee Vaccin krut, deen un d'Omikron-Variant ugepasst ass?
  - Wa jo, wat fir Persoune sollen sech eng 4. Kéier impfe loossen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Claude Wiseler**
**Deputéierten**